ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 25. Mäerz 2021

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Gesondheetsminister weiderzeleeden.

Onsécherheet gëtt et am Ament iwwert d'Maskeflicht am Fall vun enger Gebuert. Och wann um Radio ze héiere war, datt dat net esou ass, soen eis betraffe schwanger Fraen, datt si an der Maternité, an der Klinik Bohler an zu Ettelbréck am Nordspidol beim Entbanne missten de ganzen Zäit d'Mask unhalen, och mat engem negative Corona-Test. Dofir wëll ech mir bei der Madamm Minister Kloerheet verschafen:

1. Ass et esou, datt schwanger Frae beim Entbanne forcéiert sinn, e ganzen Zäit eng Corona-Mask ze droen?
2. Kënnt déi Direktiv aus dem Gesondheetsministère oder aus der Gesondheetsdirektioun, oder ass et eng Initiativ vun eenzele Spideeler?
3. Wann dat zweet wouer ass, a wéi enge Spideeler gëtt dëst praktizéiert?
4. Ass net op mannst denkbar, datt héichschwanger Frae mat engem negativen Test kéinten normal entbannen?
5. Wat fir gesondheetlech Schiedegunge riskéiere Fraen, déi an där fir si kierperlech extrem ustrengender Situatioun och nach mussen duerch eng Mask ootmen?
6. Ass an deem Fall de Gesondheetsrisiko duerch d'Mask net méi grouss wéi den Ustiechungsrisiko?
7. Ass den Ustiechungsrisiko op enger Entbannungsstatioun méi grouss, wéi op engem Sportsterrain, wou d'Sportler bei Héichleeschtung jo och net forcéiert sinn, eng Mask unzedoen?

Mat déiwem Respekt,

Jeff Engelen
Deputéierten